

RESPONSABEL/EN FIR BIODIVERSITEIT A NOHALTEG LANDWIRTSCHAFT (m/w/d)

(32-40 St. CDI)

DIR

- wëllt lech mat Ärem Fachwëssen aktiv engagéiere fir Biodiversitéit an Naturschutz, esouwuel am urbane Raum wéi och op landwirtschaftlech genotzte Flächen
- hutt eng Ausbildung an den Natur-, Ëmwelt- oder Agrarwëssenschaften (Universitéit / Fachhéichschoul; min. Bac +3).

RESPONSABEL/EN FIR ËMWELT, ENERGIE AN NOHALTEG WUNNEN (m/w/d)

(32-40 St. CDI)

DIR

- wëllt lech mat Ärem Fachwëssen aktiv engagéiere fir ëmwelt-politesch Erausforderungen am Energie- a Klimaberäich
- hutt eng Ausbildung an de Beräicher Ëmweltwëssenschaften Energie oder Berufserfahrung am Secteur Energie-Klimaschutz (Universitéit / Fachhéichschoul; min. Bac +3).

DIR:

- sidd gesellschaftspolitesch an un enger nohalteger Entwécklung interesséiert
- identifizéiert lech mam Engagement an der Aarbecht vun enger Ëmwelt-ONG a sidd bereet lech aktiv mëttel- bis laangfristeg an enger éierenamtlech baséierter ONG anzebréngen
- hutt Initiativgeescht, Analysefäegkeet vu gesellschaftlechen a politesche Prozesser an Interessi lech fir zukunftsorientéiert Reformen anzesetzen
- sidd teamfäeg a flexibel, moderéiert a begleet gäre Gruppe vun éierenamtlech engagéierte Leit
- verstitt Lëtzebuergesch, hutt gutt Sproochekenntnisser am Däitschen, Franséischen an Engleschen an entsprechend redaktionell Kompetenzen
- Sproochen (D/EN/F/L): fléissend geschwat / ganz gutt Fäegkeeten an der Redaktioun vun Texter (D/F/EN vu Virdeel)
- hutt schonn eng gewësse Berufserfahrung an de genannte Beräicher an / oder hutt lech schonn doran engagéiert.

ÄR KONKRET AARBECHT:

- Koordinatioun vun den Aktivitéiten an dem jeeweilegen Themeberäich / Matwierken un inhaltlechen an administrativen Dossierer (Aarbechtsgruppen, Verwaltungsrot, mat Acteuren aus dem Secteur)
- Verfaasse vu fachleche Positiounen an de jeeweilegen Themeberäicher
- Organisatioun vu Fachseminairen, Ëffentlechkeets-Aktiounen a Berodungs- a Sensibiliséierungsprojet'en
- Kontakter mat politeschen a professionellen Acteuren, och an internationalen Netzwierker
- Bereetschaft an de Medien opzetrieden.

Wat mir bidden:

- D'Méiglechkeet de Mouvement Ecologique matzeprägen a Verantwortung an der Entwécklung vun der Organisatioun mat ze iwwerhuelen
- Eng lieweg Diskussiounskultur an enger engagéierter Organisatioun
- E villfältegen Aarbechtsberäich
- Eng dynamesch haapt- an éierenamtlech Equipe.

Schéckt Är Kandidatur mat CV a Motivatiounsbréif
bis de 26/10/2026 un Mouvement Ecologique asbl
6, rue Vauban, L-2663 Luxembourg - oder
per E-mail un: meco@oeko.lu / Tel.: 43 90 30 -1



**mouvement
écologique**